**Weltmeeschterschaft fir Natiounen zu Aragon a Spuenien**

*Bericht vum Sekretär Fernand Schmitt vum 03.09.2023 (1. Dag)*

Schéinen gudden Owend un Iech all doheem.

Mellen mech haut fir déi éischte Kéier vun der Weltmeeschterschaft aus Spuenien. Mir sinn all gëschter gesond an monter hei zu Mequinenza ukomm. Eisen Quartier hunn mer bezunn bei dem bescht bekannten Lëtzebuerg fréieren Forain Zellweger Bub. Hien huet schonns virun laanger Zäit hei am Ebro Delta een groussen Fishing Camp ofgeriicht wou vill Fëscher aus der ganzer Welt hin pilgeren fir den groussen Specimen wei Wels, Kaarp an och Zander ze fänken.

Eis Equipe besteet aus Weber Marc, Meis Frank, Jadin Serge, Braun Steve, Zwick Romain an mir selwer. Trainer ass den Jeff Quintus an als Offiziellen hunn mer den Grün John derbäi.
Begleeder sinn den Raach Vali an den Maik. Dann hunn och nach den Raach Steve, Braun Camille an Schmitt Viviane zougesot fir Equipe ze ënnerstëtzen.



Ech wäert wei all déi Joren wou ech derbäi war, och dëst Joer nees fir all Dag ee klengen Resumée un Iech doheem weider ginn.

Muer geet et dann lass. Mir setzen am Secteur E direkt an der Endbox 25. Leider hunn nëmmen 23 Natiounen zougesot. Sorry, mee een méi een schéinen Site hunn ech an mengen laangen Joren wou ech derbäi sinn nach ni gesinn. Fësch sollen och en masse do sinn. Dat kënnen mer awer eréischt an den nächsten Deeg dann och éischter bestätegen oder net.

Un Iech all doheem e schéinen Bonjour vun der ganzer Equipe.